

Posten an der Fonction publique sinn, och déi Erausforderungen an déi Qualifikatioune minimal hunn, déi fir déi Posten appropriéiert sinn. Dat fannen ech eppes Logesch an eppes Sënnvolles. An ech fannen et duerchaus pragmatesch, wann een an engem Text seet, datt ee ka froen, datt déi minimal Viraussetzungen erfëllt sinn, fir op e Posten ze kommen.

Méi onadministrativ a méi pragmatesch kann ee kaum an esou engem Text virgoen. Dat zu de Remarquen. Nach eng Kéier Merci fir d'Ënnerstëtzung vum gesamten Text.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5889 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen, bei 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par Mme Christine Doerner), Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

3. 5870 - Projet de loi portant création de l'Administration des Services médicaux du Secteur public (suite)

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen dann of iwwert de Projet de loi, deem d'Schafung vun enger Administration des Services médicaux du secteur public virgesäit.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5870 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Lucien Clement), Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul

Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

M. Ali Jaerling.

Gëtt d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zu eisem Pavillon fir d'Expositioun zu Schanghai. De Rapporteur ass fir dëse Projet den honorabelen Här Lucien Clement. Ech géif lech bieden, Här Clement, de Rapport vun der Kommissioun virzedroen.

4. 5911 - Projet de loi relatif à la construction du Pavillon luxembourgeois pour l'Exposition universelle 2010 à Schanghai

Rapport de la Commission des Travaux publics

» **M. Lucien Clement** (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, mir sollen haut iwwer e Projet ofstëmmen, deem u sech komplett aus dem Kader vun deene Bauprojekte fällt, mat deene mer eis soss hei an der Chamber beschäftegen. Mir sollen haut nämlech net iwwer e Lycée, en Tunnel, eng Autobunn oder en Altersheem, eng Klinik oder soss e konventionelle Konstruktionsprojet diskutéieren, deem deemno och zu Lëtzebuerg realiséiert soll ginn, mä iwwert de lëtzebuergesche Pavillon fir d'Weltausstellung am Joer 2010 zu Schanghai.

Lëtzebuerg hält zwar regelméisseg u Weltausstellungen deel, mä baut awer net op all Weltausstellung en eegene Pavillon. Déi leschte Kéier, wou eist Land en eegene Pavillon gebaut huet, war op der Weltausstellung '92 zu Sevilla. An elo, wou déi nächst Weltausstellung am bevölkerungsräichste Land vun der Welt stattfënn, dat amgaangen ass sech duerch säi rasante wirtschaftleche Wuesstem zu enger neier Weltmuecht ze entwéckelen, huet d'Lëtzebuurger Regierung décidéiert, fir bei dësem wichtige Evenement mat engem eegene Pavillon dann och präsent ze sinn.

An dësem Sënn huet de Bauteminister de virleienden Text de 4. September 2008 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis zum Projet den 21. Oktober 2008 ofginn. An der Bautekommissioun vum 10. November 2008 gouf ech dann zum Rapporteur vum Gesetzesprojet genannt. An därselwechter Réunioun hunn d'Membere vun der Bautekommissioun de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert. De Statsrot hat beim Artikel 2 vum ursprüngelechen Text mat enger Opposition formelle gedroht. Dowéinst hu mir an der Sitzung vum 10. November eis nei beroden a schlussendlech en Amendement ugehall, deem dunn nees zrëck un de Statsrot gaangen ass.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

De 5. Dezember hate mir als Bautekommissioun nach eng gemeinsam Sitzung mat der Wirtschaftskommissioun, fir iwwert de Pavillon vu Schanghai ze diskutéieren. Den 11. November hu mer schlusslech den Avis complémentaire vum 9. Dezember 2008 vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl. Déi héich Kierperschaft huet sech an deem Avis mam Amendement averstane gewisen an d'Bautekommissioun huet doropshin de

schrëftleche Rapport och an därselwechter Sitzung unanime, also ouni Géigestëmm, ugehall.

Här President, den 3. Dezember 2002 gouf déi gréissten an déi am stäerkste wuessend chineesesch Stad Schanghai fir d'Organisation vun der Weltausstellung 2010 bestëmmt. Domadder hätt China dann an engem Zäitraum vun nëmmen zwee Joer zwee vun deene weltwäit gréissten Evenementer ze organiséieren: nämlech d'Olympesch Spiller zu Peking an derniewent d'Weltausstellung zu Schanghai.

Bei der Weltausstellung 2010, déi vum 1. Mee bis den 31. Oktober 2010 dauert an ënnert dem Motto „Eng besser Stad, e bessert Liewen“ steet, wäerte ronn eng 200 Länner matmaachen. Et ginn dann och bis zu 70 Milliounen Visiteuren erwaart.

Datt Lëtzebuerg bei dësem groussen Evenement matmécht, huet éischstens domadder ze dinn, datt et fir eist Land eng laang Traditioun ass, fir bei esou Evenementer derbäi ze sinn, an zweetens, datt eng Weltausstellung fir eis ëmmer eng gutt Geleeënheet ass, fir der Welt ze weisen, datt et eis och gëtt.

D'Ausstellung zu Schanghai huet fir Lëtzebuerg awer nach weider Virdeeler. Als e Land, deem seng Wirtschaft exportorientéiert ass, bitt dës Weltausstellung en ideale Terrain, fir sech um staark wuessende chineesesche Maart ze weisen an nach weider Kontakter mat der chineesescher Industrie an dem chineeseschen Handel kënnen ze knäppen. D'Ausstellung zu Schanghai bitt awer och dem lëtzebuergeschen Tourismussecteur d'Méiglechkeet, fir op d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg hinzeweisen, an dat net eleng, mä awer och dofir, well all Joer ongeféier ronn 100.000 chineesesch Touristen hei op Lëtzebuerg kommen.

A schliesslech wäerten och d'Uni Lëtzebuerg an de Kulturministère vun der Präsenz vun eisem Land zu Schanghai profitéieren, fir sech mat der chineesescher Héichschoulwelt ze treffen an doduerjer hiert internationaalt Kooperationsnetzwerk kënnen ze vergréissere respektiv den Austausch vu chineeseschen a lëtzebuergeschen Artisten och nach ze förderen.

D'Präsenz vu Lëtzebuerg zu Schanghai setzt awer viraus, datt eist Land och e Pavillon baut, deen de genannten Uspréch an dem Konzept vun der Weltausstellung och Rechnung dréit. De Bauteministère hat en offiziellen Architektoconcours organiséiert mat der Virgab, e Pavillon fir eng Fläch vun 3.000 m² ze bauen. E Pavillon, deen e bessert, méi nohaltegt an harmonescht städtescht Liewen duerstelle soll an dobäi vun der Eegeenaart vun eisem Land dann och ausgoet.

Den offizielle Concours gouf vum Projet „Small is beautiful too“ gewonnen, an dat weinst senger architektonescher a funktioneller Qualitéit, sengem innovativen Charakter, senger energetescher Effikasitéit a senger einfacher Konstruktionsweis.

Fir sech vun den anere Pavillonen ofzesetzen an d'Identitéit vun eisem Land duerstellen, wäert de lëtzebuergesche Pavillon d'Form vun enger quasi monolithescher Skulptur hunn, deen d'Blécker dann och op sech zéie soll. D'Architektur vum Pavillon weist op dë traditionell lëtzebuergesch Haiser an aner historesche Gebaier hin. D'Architekten hu sech beim Entworf vum Pavillon um chineeseschen Numm fir Lëtzebuerg „Lusenbao“ inspiréiert, wat esou vill wéi „Bësch a Festung“ bedeit.

De lëtzebuergesche Pavillon soll also eng Festung sinn, déi mëtten an engem Bësch läit. De Pavillon gëtt konform zu dëser Virstellung konstrukturéiert. An der Mëtt steet dann och en Tour, dee vun de Gebaier ëmginn ass, déi enger Festungsmauer gläichen an déi dann och Öffnungen no bausse wäerten hunn.

De lëtzebuergesche Pavillon charakteriséiert sech duerch seng relativ einfach an démontabel Konstruktioon a respektéiert all urbanistesche, architektonesche a sécherheetstechnesch Ufuerderungen, déi vun de chineeseschen Organisateure gestallt goufen. D'Materialien, déi benotzt ginn, sinn an der Haaptsaach Stol, Holz a Glas. Also alles recycelabel Materialien, déi enger nohalteger an ökologescher Stad dann och gerecht ginn.

Den Daach an en Deel vun de Mauere vum Pavillon wäerte mat Planze bedeckt ginn, wat zu enger natierlecher Isolierung féiert a gläichzäiteg Energie spuert, d'Temperatur erfosetzt, d'Reewaasser zrëckhält an d'Loft méi propper mécht, andeems de Stëbs absorbéiert gëtt. D'Waasser, dat vum Restaurationsberäich gebraucht gëtt, gëtt an enger Kläranlag recyceléiert a kann doduerjer zum Beispill fir d'Bewässerung vun de Planzen dann och duerno benotzt ginn.

De lëtzebuergesche Pavillon wäert aus dräi Beräicher bestoen: éischstens, aus engem Ausstellungsberäich, an deem déi Haapttheme vun der Weltausstellung behandelt ginn; zweetens, aus engem Restaurationsan Animationsberäich, an deem lëtzebuergesch Spezialitéiten a Souveniren ugebuede ginn, an doriwwer eraus sinn Ënnerhaltungsaktivitéiten fir déi Jonk virgesinn; drëtens, aus engem méi multifonctionnell Beräich, dee sech am zentralen Tuerm befënn, an deem kulturell a mënschlech Treffre respektiv Austauschere stattfanne wäerten.

De Pavillon wäert inhaltlech den Haaptakzent op d'Stied an dat harmonescht Liewe leeën, dat duerch den technesche Fortschrétt a besonnesch d'Kommunikationsmëttelen erméiglecht gëtt. D'Informatiounen, déi d'Visiteuren am Pavillon kréien, ginn dofir och haaptsächlech audiovisuell vermëttelt, an dat op Chineesesch an op Franséisch.

Esou wäerten d'Aktivitéiten vun den Acteuren vun der Lëtzebuurger Wirtschaft d'Geschicht vun de Relatiounen tëschent China a Lëtzebuerg, déi Lëtzebuurger Entwécklungshëllef an Asien an a China an d'Roll vu Lëtzebuerg an de Relatiounen tëschent China an der Europäescher Unioun mat Bléck op den Traité vu Schengen virgestallt ginn. Dës Zeenographie ass allerdéngs nach net definitiv festgehalten a kann am Laf vun de kommende Méint nach verännert ginn.

Här President, d'Konstruktioon an d'Finanzéierung vum lëtzebuergesche Pavillon wäert vun engem wirtschaftlechen Interessgrupp, dee sech Luxembourg@Expo-Shanghai2010 nennt, iwwerholl ginn an an deem de lëtzebuergesche Stat dee gréisste Bäitrag leeschte wäert.

Niewent dem lëtzebuergesche Stat sinn ArcelorMittal, d'Cargolux, d'Chambre de Commerce an d'SES Member vun dësem Interessgrupp, dee sengerzäit vun engem Generalkommissär wäert geleet ginn. Den Interessgrupp wäert ënner anerem fir d'Konstruktioon, d'Exploitatioun, d'Animatioun an d'Koordinatioun vum lëtzebuergesche Pavillon zoustänneg sinn, woubäi awer ze bemerken ass, datt de lëtzebuergesche Stat déi integral Käscht vum Bau vum Pavillon iwwerhëlt, an déi aner Membere vum Interessgrupp sech ënner anerem un de Fonctionnementskäschte vum Pavillon bedeelege wäerten.

ArcelorMittal wäert awer och de Stol fir de Pavillon liwweren, an d'Cargolux sech ëm den Transport vun deem ganze Material këmmen. D'Gesamtkäschte fir d'Konzeptioun an d'Konstruktioon vum lëtzebuergesche Pavillon ginn op insgesamt 8.920.000 Euro geschat. Eng Schätzung, déi um Bauindex 666,12 vum 1. Abrëll 2008 baséiert.

D'Referenz op de lëtzebuergesche Bauindex war am ursprüngelechen Text net virgesinn, well dëst d'Gesamtkäschte vun der Entwécklung vu chineesesche Baupräisser ofhängeg gemaach huet, wat de Statsrot awer als ze vill riskant emfonnt huet an dofir mat enger Opposition formelle gedroht huet. D'Bautekommissioun huet de Bedenken du vum Statsrot Rechnung gedroen an d'Formuléierungspropos vun der héijer Kierperschaft ugehall a gläichzäiteg awer nach en Amendement ugehall, dee prezisiéiert, datt d'Gesamtzomm vun 8.920.000 Euro sech op eng Konversioun an déi chineesesche Währung baséiere soll.

De Statsrot huet an engem Avis complémentaire säin Accord zu dësem Zousatz ginn. Déi héich Kierperschaft ënnerstëtz dann och ganz kloer an hirem Avis d'Initiativ vun der Regierung, fir e Pavillon fir d'Weltausstellung zu Schanghai ze bauen.

Souwuel d'Chambre de Commerce wéi och d'Chambre des Métiers erkläre sech och d'accord mat dësem Projet. Si weisen awer drop hin, datt eng regelméisseg an och transparent Kontabilitéit vun dësem Groupement d'intérêt économique soll geliwwert ginn. Eppes, wat den designéierte Kommissär an där Commission jointe, den Här Goebbels, als richteg emfonnt huet an och kee Problem dra gesäit, fir d'Chamber hei iwwer ze informéieren, wann dat verlangt gëtt. Doriwwer eraus huet hien och versprach, der Chamber en detailléierten Ofschlossbericht virzeleeën.

D'Chambre des Métiers hirersäits plädéiert derfir, datt och Lëtzebuurger Betriber aus der Alimentatioun bereet wieren a sech eng Freed géifen doraus maachen, fir un der Réussite gastronomique vun dësem Pavillon matzemaachen.

Esou vill, Här President, vu menger Säit. Fir weider architektonesche, konzeptuell an technesche Detailler vum lëtzebuergesche Pavillon op der Weltausstellung verweisen

ech op de Projet an och op de schrëftleche Rapport.

Dése Projet hat eng gewëssen Urgence. Lëtzebuerg ass eent vun den éischte Länner, déi d'Genehmegung hunn, fir ze bauen. Mir wäerten dësen Zäitvirdeel dann och ze notze wëssen. Ech - a mat mir, denken ech, Dir alleguer - hoffen, datt dëse Projet zu engem Succès fir d'Lëtzebuerger Land gëtt, fir iwwert dëse Wee eise Stellwäert an der Welt weider ausbauen a festegen ze kënnen.

Erlaabt mer nach zum Schluss Merci ze soe fir d'Nolauschteren. Merci och all deenen, déi um Ausschaffe vun dësem Projet bedeelegt waren. Dat wier et gewiescht.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Clement Merci fir seng Ausféierungen. Als éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis agedroen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Marcel Oberweis** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank dem Rapporteur Lucien Clement Merci ze soe fir de schrëftlechen an och elo virgedroene mëndleche Rapport.

Et ass gesot ginn, am Joer 2010 fënnt d'Weltausstellung zu Schanghai a China statt an doru wëllt onst Land sech erëm eng Kéier bedeelegen. Wéi ech dës puer Zeile geschriwwen hunn, si mer e puer Gedanken duerch de Kapp gaangen aus menger fréierer Zäit als Professor.

Ech hat d'Chance, zu Sevilla, Lissabon an Hannover derbäi ze sinn; mat derbäi waren awer och meng Studenten. Ech hu mir d'Fotien aus där Zäit ugesinn an hunn déi begeschtert Gesichter vun de jonke Leit ugekuckt. Fir si waren déi Ausstellungen „d'Fënster vun der Welt“. Notamment Madrid war deemools eng ganz schéin Ausstellung.

An den Ae vun der CSV - an de Rapporteur huet et elo grad gesot - stellt dës Weltausstellung eng Chance duer, well sech do vill Mënsche begéine während enger kuerzer Zäit. Doriwwer eraus kënnen mir awer och een Androck hannerloossen iwwer ons Kraaft an ons Fäegkeeten, déi mir um Weltplang wëlle spillen.

Grad elo, wou mer déi déif gräifend Finanzwirtschaftskris leiden, ass et wichteg, dass mir ons opstellen, fir der Welt ze weisen, wat mir alles hunn a wat mir och kënnen, well een dervun ausgoe muss, dass d'Relance am nächste Joer llicht wäert unzéien an et wichteg ass, datt mer 2010 derbäi sinn, wann zu Schanghai d'Wierfelen nei gerëselt ginn.

Grad am pazifische Raum, wou ronn 50% vun der Weltbevölkerung leeft a konsumiert, ass et gutt derbäi ze sinn.

De Rapporteur ass a sengen Ausféierungen schonn op déi sougenannten „introvertéiert Architektur“ vum Pavillon agaangen. Ech ginn doriwwer ewech.

Vläicht awer nach eng Kéier datselwecht gesot, wat de Lucien Clement gesot huet: Wann een den Exposé des motifs liest, dann iwwersetzen d'Chineese Lëtzebuerg mat „Lusenbao“. Dat heescht fir si Forteresse a Bësch. Interessant!

A wann een onse Pavillon kuckt, gesäit een effektiv, dass mer eng Forteresse, eng Buerg hu mat vill Grénges. Dat kënnt och vläicht dohier, well d'Chineese gesinn hunn, dass eist Land mat 34% Bësch besat ass.

Ee Punkt nach derzou. Et ass vun de chineeseschen Autoritéite festgehale ginn, dass um Enn vun der Weltausstellung d'Pavillonen all ofgerappt musse ginn. Dat heescht, och onse muss ofgebaut ginn. Et llicht an, dass et kengem am Dram afält, de Stol, den Aluminium, d'Holz erëm heem zrëckzebréngen, schonn eleng wéinst de Käschtchen net. Mä derniewent muss een awer gesinn, dass déi erstallte Programmer vun der Software derwäert sinn erëm zrëckbruecht ze ginn.

Op der Weltausstellung sollen dem Visiteur duerch eng ganz Rei vu sensorielle Entdeckungen, dat heescht iwwert déi fënnf Sënnorganer, Informatiounen vermëttelt ginn. D'Proposition scénographique, wéi mer se virgestallt kritt hunn, beschreift déi Iwwerleeungen.

Ganz speziell ass d'Manier, wéi dem Visiteur onst Land presentéiert gëtt. De Visiteur kritt iwwert de Wee vum Geroch, de Geräischer, dem Kucken Ablécker an onst Land. A well d'SES derbäi ass, ass et jo logesch, dass déi Lëtzebuerg aus der Sicht vu 36.000 km erof zoomen. Mat Hëllef vun enger 250°-Visioun kritt de Visiteur eng ganz

Rei Ablécker iwwert d'Geographie vun onsem Land.

Ech hu gesot, iwwert déi fënnf Sënnorganer kritt de Visiteur eist Land méi no bruecht. Dat ka sinn iwwert de Ruff vun engem Vull hei am Land, de Geroch vun onser ländlecher Géigend oder dem Upake vum Minettsbuedem. Och eenzel Bamzorten, Déieren a Planze gi virgestallt.

An dann awer e leschte Punkt: Doriwwer eraus ginn och Dokumenter a Form vun DVDen, Videoshowen, Biller iwwert de kulturellen an touristesche Patrimoine virgestallt. A well dat jo alles hei am Land héich Produktiounskäschtchen erbréngt, wëll ech proposéieren, dass een déi Saachen erëm zrëckbréngt, fir spéiderhin onser Jugend dat ze weisen.

Ech denken, dass et sënnavoll wier, all déi Ennerlagen, soufern se mat der Ëmwelt ze dinne hunn, an dem Schluss vu Schëndels ennerzebréngen. Firwat zu Schëndels? Ma well mer grad amgaange sinn, d'Reserve naturelle vum Mamerdall opzestellen.

Niewent Huelmes soll och d'Schëndelser Schluss als e Lieu de rencontre fir eis Jugend am Beräich vun der Ëmwelt dinge. Hei sollen si dann déi Saachen, déi mer der grousser Welt zu Schanghai weisen, och gewisen kréien.

Deemno wierkt déi Weltausstellung iwwert den Horizont 2010 weider an onse Schoulen, notament iwwert d'Schluss vu Schëndels.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bréngen ech den Accord mat vun der CSV a soe Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Oberweis Merci. Als nächste Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Fernand Etgen** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Participation vu Lëtzebuerg op der Weltausstellung zu Schanghai ass d'Fortsetzung vun enger laanger Tradition vun engem klengen Land, fir am Concert vun de groussen Natiounen op sech opmierksam ze maachen. Mir liewen an enger faszinierender Zäit, an där mer duerch déi modern Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien d'Welt mat all hiren Innovatiounen 24 Stonnen op 24 heem an d'Stuff bruecht kréien.

Et muss ee sech also d'Fro stellen, ob et fir ee kleengt Land nach wierklech opportu ass, fir bei enger Weltausstellung matzemaachen. Fir déi eng ass esou eng Expo eng iwwerflësseg Protzveranstaltung, fir déi aner eng eenzegaarteg Chance, Lëtzebuerg mat all sengen Atouten a Stärkten an der Welt ze presentéieren.

Mir kënnen weisen, datt d'Technik eng dëngend Funktioun huet. Mir kënnen eisen Know-how a puncto Qualitéitsusproch an der Stolproduktioun weisen. Mir wëllen awer net nëmme Produkter weisen, mä och Léisungen. Mir kënnen op eis performant Dëngschtlechtungen beim Giddertransport hiweisen. Mir wëlle weisen, datt mer zu Lëtzebuerg Architekten hunn, déi Ästhetik a Funktionalitéit optimal verbannen oder awer, datt mer a puncto Ëmwelttechnik eppes ze bidden hunn.

Net nëmme de Contenant, mä och de Contenu setzt op Prinzipië vun enger nohalter Notzung. Dat gefält eis an der Demokratescher Partei.

Et ass eng exzellent Geleeënheet, fir op d'Aktivitéiten vun de lëtzebuergeschen ekonomeschen Acteuren hinzeweisen, awer och fir déi virbildlech Entwécklungs- a Kooperationspolitik vu Lëtzebuerg am asiatesche Raum ze presentéieren.

All Participatioun op enger Weltausstellung ass selbstverständlech och eng groussaarteg Plattform fir Publicitéit fir déi Lëtzebuerger Tourismusbranche ze maachen.

Här President, erlaabt mer dem Architekt ausdrëcklech fir säi gelongene Projet ze félicitéieren. Et ass ee Projet, deen den Zilsetzunge vun enger nohalter Planung voll a ganz gerecht gëtt. De Motto „small is beautiful too“ gëtt dem Thema vun „meilleure ville, meilleure vie“ ausserdeem mat alle Funktionalitéite gerecht. Et ass kee protzege Pavillon an awer en „eye catcher“, dee sän Zweck erfüllt.

Här President, déi gréissten Opmierksamkeit kritt bei esou Projekten nawell ëmmer gären de Käschtchenpunkt. An dësem Fall beinhalt dësen Aspekt dann och eng Rei vun ongewéinlechen Onsécherheetsfacteuren. Am Gesamtkäschtchenpunkt vun 8,9 Millioune Euro fanne mer Reserven an Imprévuë fir 20% am Total. Wa mer a China

bauen, si mer an engem aneren Ëmfeld wéi hei zu Lëtzebuerg. „Vorsicht ist die Mutter der Porzellankiste“, heescht et. A Virsiicht ass hei a ville Punkte gebueden.

Éischstens: Bei de chineesesche Planungsbüroen ass et méi schwéier fir eis Statsarchitekten, d'Präisser ze iwwerpräiwen.

Zweetens: Et kann een dovunner ausgoen, datt, wann all Participanten un der Expo komme fir hire Pavillon bauen ze loossen, dann d'Präisser wäerten an d'Luucht goen, an dat ganz einfach nom Prinzip vun der Opfer a vun der Demande.

Drëttens: D'Variatiounen, déi duerch de Change vum Euro op déi chineesesch Währung d'Präisser kënnen no uewen oder no ënnen variéiere loossen.

A last but not least: Déi méiglech präislech Variatiounen um chineesesche Maart, wat d'Matière première an d'Main-d'œuvre ugeet.

Grad wat dee leschte Punkt ugeet, huet dës Regierung nach grouss Responsabilitéiten ze erfëllen. Et ass jo gewosst, datt a China d'Rechter vun den Aarbechter ganz oft massiv verletzt ginn. Vun Hongerléin iwwer ganz schlecht Aarbechtskonditiounen bis hin zur 60-Stonne-Woch fënnt ee quasi alles.

A China gëtt et wuel passabel Gesetzer fir d'Protektioun vun den Aarbechter an de Respekt vun hire Rechter. Allerdéngs hapert et massiv bei der Iwwerwaachung vum Anale vun dëse Regelen. Willkür a Repressalien, Vetterwirtschaft a Korruptioun, grad och an de Reie vun de KP-Fonctionnaires, droen hiren Deel dozou bäi. Et geet ganz einfach nom Prinzip: „Wo kein Kläger, da kein Richter“.

Et ass also um Lëtzebuerger Generalkommissär fir ze kucken an opzepasst, datt elementar Mënscherechter respektéiert bleiwen. Et ass um Lëtzebuerger Generalkommissär fir ze iwwerpräiwen, datt déi Entrepreneuren, déi um Bau vum Lëtzebuerger Pavillon bedeelegt ginn, d'Rechter vun hiren Aarbechter respektéieren.

Dëst si keng Aufgaben, déi een einfach esou „en passant“ kann erleedegen. Et muss ee sech duerfir froen, ob een Europa-deputéierten déi néideg Disponibilitéit fir dës an eisen Ae wichteg Missioun huet.

D'Iwwerpräiwung notament vun den arbeitsrechtliche Konditiounen um Terrain där net zu enger Aart Expo-Tourismus verkommen. Dës Aufgab ass eng Verflichtung fir eist Land, an dat a villen Hisiichten.

Mir kënnen eis et net erlaben, och nëmme an de Verdacht ze geroden, datt bei der Konstruktioun vun eise Pavillon Saachen net propper ofgelaf sinn. Mir kënnen eis et net erlaben, datt eis Participatioun un der Expo an ee schiift Licht geréit, soss brauche mer eis iwwerhaapt net der Weltöffentlichkeit ze presentéieren.

Här President, den 1. November 2007 huet d'Lëtzebuerger Delegatioun zu Schanghai de Contrat de participation ënnerschríwen. Et gëtt elo also Zäit, d'Gesetz ze stëmmen, fir datt op der Plaz d'Aarbechte kënnen optimal organiséiert ginn, fir datt dës Projet kann un d'Rulle kommen.

An der Hoffnung, datt deene Punkten, déi ech a menger Interventioun ugefuert hunn, wäert Rechnung gedroe ginn, ginn ech am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz, ouni awer ze vergiessen, dem Rapporteur Lucien Clement Merci ze soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Etgen Merci. Als nächste Riedner ass den Här Schreiner agedroen. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Roland Schreiner** (LSAP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer haut iwwert de Projet de loi 5911 ofstëmmen, stëmme mer engersäits iwwert de Prinzip of, dass Lëtzebuerg un der Weltausstellung 2010 zu Schanghai deelhält a bereet ass, dofir eppes manner wéi néng Milliounen Euro auszeginn, an anerersäits och gläichzäiteg iwwert de konkrete Konzept, deen der Chamber presentéiert gouf.

Ech wëll awer fir d'éischt emol dem Rapporteur, dem Kolleeg Lucien Clement, en häerzleche Merci soe fir säin detailléierte Rapport, deen esou ausféierlech war, dass em eigentlech näischt méi bäizefüge wier. Trotzdeem wollt ech awer e puer zousätzlech Remarquë maachen.

Zur Architektur selwer wëll ech eigentlech net vill soen; les goûts et les couleurs ne se discutent pas. Mä ech mengen awer soen ze kënnen, dass den Numm vum Architekt-

tebüro, deen de Projet realiséiert, fir Qualität steet a Referenze genuch huet, fir dass et e flotte Projet ka ginn, mat deem mer och dobaussen eng ganz gutt Impressioun wäerte maachen.

Wat de Prinzip ugeet, kéint ee sech natierlech elo d'Fro stellen, wat et bréngt, Suen an esou e reng representativen Objet ze stiechen, grad an Zäiten, wou munchereen driwwer nodenkt, wou mer an Zukunft kënnen Sue spueren.

E Pavillon zu Schanghai zielt an Zäite vun ekonomescher Onsécherheet net onbedéngt fir jiddwereen zu deene ganz grouse Prioritéiten. Mir sinn allerdéngs der Meinung als LSAP-Fraktioun, dass et grad an engem wirtschaftlech schwierigen Ëmfeld wichteg ass, weltwäit präsent ze sinn, op sech opmierksam ze maachen a méiglech vill Facettë vun eise Land no baussen ze presentéieren.

D'Weltausstellung vu Schanghai ass dofir eng exzellent Geleeënheet a bitt och dofir eng ganz wonnerbar Plattform. Et ass net nëmme, mengen ech, eng Saach vun Nationalstolz oder Prestige, fir do derbäi ze sinn.

Et gëtt geschat, dass ëmmerhi 70 Millioune Leit dës Expo wäerte besichen; déi Meescht natierlech aus dem asiatesche Raum, dat läit op der Hand. Ech mengen, eng besser Plaz, fir fir eist Land ze werben, kann ee sech dann och wuel kaum virstellen.

Wat de Projet selwer betrëfft, entsprécht e genau deem, wat mer wirtschaftspolitesch gesinn an deenen nächste Jore wäerte brauchen. Et war eis laang bewosst, dass eis enorm Ofhängegkeet vun der Finanzplaz eis vulnérabel géif maachen, mä nach ni war den Drock, fir ze diversifizéieren an an nei Secteuren ze investéieren, esou grouss. Mat der Universitéit an den Investitiounen an d'Recherche kréie mer eng nei Chance, nieft der Finanzplaz nei Akommessourcen ze entwéckelen.

Mir dierfen awer net nëmme am stille Kämmerlein dorunner schaffen, mä mir müssen eis Ambitiounen och no baussen droen an no baussen affichéieren. D'Weltausstellung vu Schanghai ass eng ganz gutt Geleeënheet, fir an engem internationalen Ëmfeld ze weisen, dass Lëtzebuerg méi ze bidden huet wéi einfach Investmentfongen. Et ass richtig, dass d'Finanzplaz eis op der Weltbühn e gewëssene Bekanntheitsgrad verschafe wäert, mä mir müssen et fäerdeg bréngen, potenziell Partner dovun ze iwwerzeegen, dass mer och nach aner Qualitéiten hu wéi déi, déi ech genannt hunn.

Ech mengen, de Groupement d'intérêt économique, dee fir d'Gestioun vum Projet zoustänneg ass, vereenegt wëssenschaftlechen an ekonomeschen Know-how, Kompetenz- an Entrepreneursgeescht genuch, fir zu deem Erfolg ze kommen, deen néideg ass an dee mer eis erwaarden. Mir sinn also op deem Plang ganz gutt opgestallt, fir all eis Atouten anzubringen an dem Konzept zum Erfolg ze verhëllefen. An ech mengen och, dass mer vun eiser Sait aus och d'Vertrauen an de Kommissär wäerten hunn, dass deen dat dote wäert realiséieren. Hien huet och déi néideg Explikatiounen zu deenen eventuellen Douten, déi da sollte bestanen hunn, an der Kommissioun oder an der Commission jointe ginn.

E Pavillon op enger Ausstellung, dee sech un der chineesescher Tradition inspiréiert, dëst mat modernen Technologie kombinéiert a sech ganz dem Thema Liewensqualität am urbane Raum an der Nohaltegkeet verschriwwen huet, bitt eis och d'Méiglechkeet, eng aner Facette vu Lëtzebuerg ze weisen, zemoos déi Sujeten eis speziell usprieche. Zu Lëtzebuerg ass de Raum extrem limitéiert a mir brauchen innovativ Konzepter, fir och an Zukunft eng héich Liewensqualität fir all eis Bierger ze erhalen. Mir hunn also all Intérêt, fir eis zu Spezialisten ze entwéckelen, wat d'Effizienz am Ëmgank mat den natierleche Ressourcen ugeet.

An dësem Sënn ass et extrem positiv ze bewäerten, dass och d'Uni Lëtzebuerg mat an de Projet agebonnen ass. Mir müssen op allen Niveauen d'Chancen notzen, fir Kontakte ze knäppen tëschent den Entrepreneuren, mä och um Niveau vun der Recherche. Méi wéi eng Kéier hu mer zu Lëtzebuerg

d'Erfahrung gemaach, dass Chancë sech onerwaart kënnen erginn, a mir hate bis elo ëmmer e gewëssent Talent hei zu Lëtzebuerg, esou Chancen och spontan ze notzen.

Wat elo d'Finanzéierung vum Projet ugeet, hat de Statsrot a sengem éischten Avis Bedenken ugemellt. Et ass scho gesot ginn hei. Et ass natierlech am einfachsten, wa mer e Projet hei zu Lëtzebuerg hunn, deen un de Bauindex gebonnen ass, esou dass d'Chamber sécher ass, dass de Montant, dee se am Kader vum Autorisatiounsgesetz bestëmmt, net einfach esou kann iwwerschrott ginn. Wann een e Projet zu Schanghai realiséiert, gëtt et awer naturgeméis Facteuren, op déi een net esou en direkten Afloss huet.

Et kann een haut e Projet plangen an et kann een och eng Marge fir gewësse Risiko mat aplangen, an dach kann een net ganz sécher sinn, wéi sech ekonomesch Donnéeë wéi Inflatioun, de Change an esou weider am Laf vum nächste Joer entwéckelen. Mir müssen also an dësem Punkt dat hei e bësse méi flexibel ugoen, an ech mengen, de Kolleg Lucien Clement huet et scho gesot, dass mer do an der Kommissioun och eng Kompromëssléisung fonnt hunn, déi mer ganz éierbar schéngt a mat där och de Statsrot ka liewen.

D'Suerg, de Projet kéint um Enn vläicht de finanzielle Kader sprengen, dee mer am Gesetz festgesat hunn, weit a mengen Aen net esou schwéier, wéi dee positiven Aspekt, dass mer op der Plaz mat lokale Ressourcë bauen. Ganz ofgesinn dovunner, dass dat am Resultat sécher awer och méi bëlleg gëtt, zum Deel och aus deenen Ursaachen, déi schonn hei ugeklonge sinn. E wichtege Thema vun der Ausstellung ass jo och d'Nohaltegkeet, an do wär et och net ze vertriede gewiescht, fir hei zu Lëtzebuerg e Pavillon virzefäerdeg an deen ëm d'hallef Welt ze transportéieren, fir en zu Schanghai dann opzebauen.

Als LSAP-Fraktioun si mer deemno der Meinung, dass mer hei e wichtege Projet virleien hunn, mat engem kohärente Konzept, mat deem mer ganz sécher de positiven Image vu Lëtzebuerg an der Welt kënnen verstärken, an aus deem sech och konkret deen een oder anere positiven Impakt op eis Economie kann a wäert erginn.

Ech ginn domadder den Accord vun eiser Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Ech soen dem Här Schreiner Merci. Als nächste Riedner ass den Här Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).**- Merci, Här President. Effektiv kann ee sech d'Fro stellen: Hu mir et als klengt Land néideg, fir esou vill Suen op enger Ausstellung auszeginn? Mir wëssen, dass an deenen nächste Joren d'Statsfinanze mat Sécherheet wäerte méi knapps ginn. An déi néng Milliounen Euro, ëmmerhin 360 Milliounen aler Lëtzebuerger Frang, dat ass jo net nâischt. Mir wëssen, dass mer eng Barrière hu vu 7,5 Milliounen Euro, wou muss e Gesetz gestëmmt ginn. Déi gëtt hei largement iwwerschrott, woufir datt mer dann och haut dee Projet virleien hunn. Mä dat seet awer och, dass hei scho vu Säite vum Lëtzebuerger Stat a vum Steuerzueler relativ vill Geld investéiert gëtt.

Eiser Meinung no ass dat eng Prinzipiëfro. Lëtzebuerg versteet sech als e fräit, en onofhängegt Land, wat an der Europäescher Communautéit ass, mä wat awer Wäert op seng Eegestännegkeet leet. Ech mengen, eis Participatioun un der Weltausstellung vu Schanghai soll och dat no bausen dokumentéieren, och wann dat fir e klengt Land selbstverständlech pro Kapp méi eng héich Belaaschtung ass wéi fir e grouss Land.

D'Fro no der Rentabilitéit ass séier gestallt, awer nach laang net esou séier beäntwert. Mir wëssen, dass hei haaptsächlech grouss Firmen d'Träger sinn, déi souwisou vill Kontakter dobaussen hunn, déi sech hir Mäert och siche ginn, sech hir Mäert opbauen. Mir wëssen och, dass d'Welt sech déi lescht Joren enorm verännert huet, dass den Internet haut eng gewaltge grouss Roll spillt, dass een, dee Geschäftskontakter sicht, déi haut

iwwer Internet ganz séier fënnt, dass hien duerfir net onbedéngt muss op eng grouss Ausstellung goen.

Trotzdeem si mer der Meinung, dass et derwäert ass, fir un där Ausstellung hei ze participéieren. Et kann ee sech d'Fro stellen: Wa Lëtzebuerg net do wär, géif dat grouss opfalen? Wäre vill Leit, déi do géife ronderëmgoen a soen: Wou ass dann hei de Lëtzebuerger Pavillon? Dee misst dach awer iergendwou hei sinn. Ech weess et net. - Op där anerer Säit, wéi gesot, ass et trotzdeem eng Plattform, besonnesch awer fir méi kleng Entreprisen, fir eisen Tourismus, fir eist Land an engem Wirtschaftsraum, deen amgaang ass opzestriewen, wou ëmmer méi Kafkraaft ass, wou d'Leit e grouse Besoin hu fir ze reesen, fir aner Länner ze besichen, ganz sécher op d'mannst fir eisen Tourismus eng ideal Plattform, fir eis am asiatesche Raum ze presentéieren a fir eist Land ze werben.

Mir sinn och der Meinung, dass et an enger Zäit, wou grouss Onsécherheet ass iwwert déi weider wirtschaftlech Entwécklung, e positiivt Signal ass, dass et e Signal no bausen ass, dass mer dru gleewen, dass et no enger Zäit, wou et sécher schwiereg ass, erëm de Bierg eropgeet, dass mer un eis ekonomesch Zukunft gleewen, dass mer dru gleewen, dass mer och als Land mat eise wirtschaftlechen Aktivitéiten an Zukunft an engem Raum, deen allgemeng ugesi gëtt als deen Zukunftsraum, wat d'wirtschaftlech Entwécklung ubelaangt, präsent sinn an, wéi mer et hoffen, nei Kontakter kënnen knäppen.

Ech wëll och nach e puer Wuert zum Pavillon soen. Mir fannen d'Konzept, esou wéi et presentéiert ass, ganz flott. Och vun eiser Säit wierklech Félicitatiounen un den Architektbüro, deen do eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet. Et si ronn 30 Ar, dat ass net weéne, déi do sollen ausstafféiert ginn, wou iwwert dat Konzept d'Identitéit vun eisem Land soll presentéiert ginn. Mir fannen och, dass déi Form, déi gewielt ginn ass mat dem Groupement d'intérêt économique, eng gutt Form ass, an dass dat och ganz sécher fonctionnéiert.

Et ware jo Diskussiounen opkomm iwwert d'Persoun vum Kommissär. Dat ass selbstverständlech an dat soll een och uspriechen. Et ass ëmmer delikat, wann een e Politiker, deen och nach aktiv ass, mat esou enger Missioun beoptraagt. Et ass och d'Fro opgeworf ginn, ob dat mat enger Indemnitéit verbonne wär. Et ass eis gesot ginn, et wär net mat enger Indemnitéit verbonnen, mä et wär eng Pauschal, déi fir d'Onkäschte géif bezuelt ginn. Ech wëll dann hei de Wonsch ausdrécken, dass déi Pauschal sech och iergendwéi un de realen Onkäschtchen, déi domat verbonne sinn, orientéiert.

Dat gesot, wëll ech eisen Accord ginn, trotzdeem dass een e bësse Bedenken huet, well mer wëssen, dass mer a finanziell schwiereg Zäite kommen, 2009 vläicht nach manner, well do Steieren nach aus engem gudde Joer 2008 erakommen, mä 2010 gëtt et ganz sécher scho méi enk. A wa mer gesinn, wéi mer op anere wichtege Punkten hei am Land ganz dacks knécken a streiden ëm e puer Euro, da muss ee soen, et ass trotz allem vill Geld. Mä mir ginn eisen Accord, well mer der Meinung sinn, als fräit, onofhängegt Land solle mer eis Präsenz do-bausse weisen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.**- Ech soen dem Här Mehlen Merci. Duerno kritt d'Wuert direkt d'Regierung: den Här Bauteminister Claude Wiseler.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.**- Ech wëll och villmools Merci soen dem Rapporteur, éischstens, an all de Fraktiounen fir hir Ënnerstëtzung. Wéi et ënnerstrach ginn ass vu sämtleche Fraktiounen, ass op där enger Säit déi Präsenz, déi Lëtzebuerg dohannen huet, eng wichteg Präsenz an engem Land mat grousser Zukunft. Op där anerer Säit stelle mer eis hei natierlech och an de Concert vun all eisen Nopeschländer, vun deenen aneren europäesche Länner, déi do präsent sinn. Net präsent ze sinn am Concert vun deenen aneren, déi all do sinn, wär fir Lëtzebuerg kee gutt Zeeche gewiescht, an duerfir ass et - mengen ech - wichteg, dohannen ze sinn.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

Dat Zweet, wat och gesot ginn ass, dat ass, dass déi Architektur, déi mer gewielt hunn, och probéiert sech unzepassen un dat, wat mer sinn: net protzeg, small but beautiful, an dat ass dat, wat mer wëllen dohannen iwwert dës Architektur weisen. Ech mengen, wann een op jidde Fall d'Pläng gesäit, da kann dat klappen.

Et ass en Onsécherheetsfacteur - dat hutt Der gesot - an dësem Text dran, well d'Bâtiments publics respektiv d'Lëtzebuerger Ad-

ministratioun net gewinnt ass, zu Schanghai ze bauen. Dat ass esou. Duerfir hu mer eis eng gewësse Marge de manœuvre ginn an och d'Bereetschaft ausgedréckt, a regel-méisseg Ofstänn an d'Commission de l'Exécution budgétaire ze kommen, fir lech um Lafenden ze halen, wou mer dru sinn, wéi mer weiderkommen, an, wa Schwieregkeete géife kommen, wouvun ech net ausginn, wat ech net hoffen, mä wann der géife kommen, lech och direkt dovunner au courant ze halen.

Eng Fro, déi nach ausgedréckt ginn ass, ass déi vun der Disponibilitéit vum Kommissär. Ech mengen, an där Réunioun, déi d'Travaux-publics-Kommissioun zesumme mat der Wirtschaftskommissioun hat, wou den designéierte Kommissär do war, fir lech op all déi Froen, déi Dir him wollt stellen, Äntwert ze ginn, hat d'Chamber Geleeënheet, fir Froen ze stellen, an huet och déi Äntwerte kritt. Um Schluss vun der Réunioun hunn ech net gesinn, dass nach onbeäntwert Froen oder onsatisfaisant beäntwert Froen opbliwwen wäeren.

Ech denken, dass déi Zäit, déi mer elo hunn, an d'Zäit dréckt, fir dee Projet a Realitéit ëmzesetzen, muss benotzt ginn, fir dat, wat mer elo um Plang hunn, dann och an d'Realitéit ëmzesetzen.

Ech soen all de Fraktiounen nach eng kéier Merci fir déi grouss Ënnerstëtzung.

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote vun dem Projet iwwer eise Pavillon.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5911, Här Minister, ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmme ugehol.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Patrick Santer);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieles (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet iwwert d'Coopération interadministrative et judiciaire. De Rapporteur, den honorabelen Här Hauptert, kann haut de Moien net bei eis sinn, an duerfir dréit den Här Clement de Rapport vun der Kommissioun vir. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

5. 5757 - Projet de loi ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des Contributions directes, de l'Administration de l'Enregistrement et des Domaines et de l'Administration des Douanes et Accises et portant modification de

- la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

- la loi générale des impôts („Abgabenordnung“);

- la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des Contributions directes;

- la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'Enregistrement et des Domaines;

- la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» **M. Lucien Clement (CSV), en remplacement de M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann och, wéi Dir et scho gemaach hutt, virausschécken, dass dat hei net mä Rapport ass, mä datt et deen ass vum Kolleg Norbert Hauptert. Hien ass haut net hei, hien ass krank. Ech wëll him dann och vun dëser Plaz aus wënschen, dass hie geschwënn erëm hei ass.

(Interruption)

De Projet, dee mer hei ze stëmmen hunn, huet als Zil, eng besser Kooperatioun tëschent eenzel Verwaltungen a verschidene Steierverwaltungen mat de Gerichtsinstanzen ze legaliséieren, fir éischters op nationalem Plang eng besser Aarbecht vun den Administratiounen um Niveau vun der Besteuerung ze garantéieren an esou besser de Kampf géint d'Steierhannerzüung unzegoen; zweetens, déi administrativ Aarbecht vun de Verwaltungen ze vereinfachen; drëtzens, déi bürokratesch Aarbecht vun eenzelne Bierger an déi vun de Betriber dann och ze erliichteren.

Déi Zesummenaarbecht soll awer virun allem iwwert de Wee vun engem Austausch vun Informatiounen geschéien, am einfachsten iwwer en automatiséierte Procédé mat Hëllef vun enger Interconnexioun vun den Donnéeën. Dat alles awer ënnert der Garantie vun engem sécuriséierten, limitéierten a kontrolléierten Accès op déi friem Datebanken.

Et handelt sech also net ëm en allgemengen Austausch vun Informatiounen, mä nëmmen ëm déi Informatiounen, déi déi eenzel Verwaltung brauchen, fir hirer Aarbecht gerecht ze ginn.

Verschidden Informatiounen kënnen automatesch ausgetosch ginn, anerer kënnen nëmmen op Ufro vun den eenzelne Verwaltungen weidergereecht ginn, an anerer müssen anonymiséiert ginn, ier se un eng Verwaltung weidergeschéckt kënnen ginn.

Déi concernéiert Verwaltungen sinn d'Steierverwaltung, den Enregistrement, d'Douane, de Statec, de Ministère des Transports, d'Inspection générale de la Sécurité sociale, de Centre commun de la Sécurité sociale, d'Inspection du Travail et des Mines, de Centre national des prestations familiales, de Fonds national de la solidarité an d'Instances judiciaires.

De Projet legaliséiert och de gemeinsame Contrôle vun der Steierverwaltung an dem Enregistrement engersäits, an dem Enregistrement an der Douane anerersäits. Och d'Aktiounen „Coup de poing“, déi op de Chantescher vum Enregistrement zesumme mat der Douane an der ITM duerchgefouert ginn, kréien duerch dëse Projet eng legal Basis.

Fir d'Administratioun vum Enregistrement an den Domäne gesäit de Projet nach eng gesetzlech Verankerung vun der obligatorescher Kommunikatioun vun de Bicher vun de Contribuablë vir, an dat op informateschem Support, wann déi esou gefouert ginn.

Des Weidere gesäit de Projet vir, dass d'Verwaltung en Accès an déi professionell Gebailechkeete vum Betrib kritt, an eng méi streng Amende am Fall vu wëssentlecher Steuerhannerzüung. Fir d'Steierverwaltung gesäit de Projet vir, dass an Zukunft d'Steierkaarte vun der Verwaltung, an net méi vun de Mengemen ausgestallt ginn, esou wéi dat haut schonn de Fall bei de Grenzgänger ass.

De Projet gesäit och vir, dass d'Steierverwaltung eng Besteuerung ka virhuelen, sous ré-